PROJET D'ETABLISSEMENT 2017-2020

NEWSLETTER 1

JOSY HELPS!

Nr. 1 | NOVEMBER | 2017

Zanter dësem Joer huet de Lycée Josy Barthel en neie Projet d'établissement, deen ënnert dem Numm **JOSY HELPS!** wäert lafen.

E Bléck ronderëm eis geet duer fir festzestellen, datt un all Ecken Hëllef dréngend gebraucht gëtt, sief et bei eis am Lycée, am Land oder soss op der Welt.

Vun der éischter Stonn un huet ons Schoul an deem Sënn sozial Projeten initiéiert, déi etleche vun ons et erméiglecht hunn, e Bléck iwwert den Tellerrand ze werfen.

Mir wëllen an Zukunft versichen, dës villfälteg Projeten zum engen Deel z'initiéieren an duerchzeféieren, mee zum aneren Deel och ze koordinéieren, fir e roude Fuedem an d'Organisatioun vun deenen eenzele Projeten oder Aktivitéiten ze kréien.

Jiddereen aus eiser Schoulcommunautéit soll sech op eng einfach Aart a Weis iwwert déi aktuell Organisatiounen informéieren an natierlech och säin Deel dozou bäidroe kënnen.

Beräicher, wou een sech weiderhin engagéiere kann, ginn et der vill:

- Nohalteg Entwécklung
- Integratioun vu benodeelegte Gruppen
- Humanitär Hëllef, bei eis virun der Hausdier an a Krisegebidder
- Anhalen an de Respekt vun der Demokratie an de Mënscherechter

Ee wichtegen Deel vum Projet "JOSY HELPS!" soll et och sinn z'informéieren an ze sensibiliséieren duerch Workshops, Visitten um Terrain, Rencontere mat Vertrieder vun ONGen an ASBLen.
Deemno de Motto vun onsem Projet:

Solidaresch sinn - Verantwortung iwwerhuelen - Sech engagéieren

Wat bis elo schonn ugelaf ass…

De leschten November ass de **Mérite Jeunesse** offiziell bei eis am LJBM ugelaf. Un dësem internationale Programm hu schonn iwwer 8 Millioune Jonker aus 140 verschiddene Länner deel geholl. Zil vum Mérite ass et Jonker tëschent 14 a 24 Joer ze motivéieren sech an der Gesellschaft z'engagéieren, hir perséinlech Talenter z'entdecken an ze förderen, nei Erfarungen ze maachen an hiren Horizont esou z'erweideren. Déi Jonk kënne sech hire Parcours ganz individuell gestalten, an deem si hir Ausdauer, Motivatioun an hiert Engagement an ënnerschiddleche Beräicher op d'Prouf stellen (weider Informatiounen op: http://merite.jeunesse.lu). D'lescht Schouljoer hu sech eng Dose vun eise Schüler fir de Bronze, Sëlwer- oder Gold-Award ugemellt. Déi éischt vun hinne wäerten dann och bei der Präisiwwerreechung 2018 fir hiren aussergewéinlechen Éiergäiz mat dësem international unerkannten Award ausgezeechent ginn.

Wann dir interesséiert sidd matzemaachen oder nach Froen hutt, zéckt net iech bei eis ze mellen:

- an eiser Permanence an der Bibliothéik: donnëschdes 12h40-13h30

- per Mail op merite-jeunesse@ljbm.lu

D'Mérite Jeunesse-Team: Pol Hermes (Resp.), Nadine Becker, Roland Herrmann a Jessica Wilmes

Am Kader vum "JOSY HELPS!" ass dëst Joer och déi nei **Optioun "Save our Planet!"** fir d'3e, d'2e an d'1re am LJBM ugelaf. D'Aschreiwunge waren e grousse Succès. An Zesummenaarbecht mat der Europaschoul kréien d'LJBM-Schüler an dëser Optioun d'Méiglechkeet sech a Workshops a Stagen zu deene verschiddensten Themen (Nohalteg Entwécklung, Alternativ Energien, Film- a Fototechnik, asw.) z'informéieren, mee och selwer aktiv ze ginn. De Grupp "Ateliers" wäert an deenen nächste Wochen a Méint eng Solarborne bauen, wou Schüler a Proffe kënnen an Zukunft hir Smartphonen an i-Pads oplueden. De Grupp "Kommunikatioun" wäert am Kader vum "JOSY HELPS!" eng eege Websäit a Flyeren entwerfen, sou wéi verschidde Videoclips dréinen.

Kontaktpersounen: Grupp "Ateliers": Théid Betz / Grupp "Kommunikatioun": Esther Herr Koordinatioun: Jacques Pir

E Freideg, den 20. November goufe sämtlech **Klassespriecher** an de Festsall agelueden, fir en neit Konzept virgestallt ze kréien. Am Kader vum JOSY HELPS! wëlle mir de Klassespriecher méi Responsabilitéiten iwwerdroen, hinnen hirer Meenung méi Gewiicht ginn an esou och d'Zesummeliewen an der Schoul verbesseren.

An engem kuerze Speech kruten si hir Rechter souwéi och hir Flichte virgestallt. Besonnesch ënnerstrach gouf dobäi déi wichteg Roll déi si vun elo un iwwerhuelen. Eemol pro Trimester fënnt ausserhalb vun der Schoulzäit e Workshop oder eng Konferenz statt, déi d'Klassespriecher nach besser op hir Aufgabe preparéiere soll.

Si erhalen en **Diplom** um Enn vum Joer, mat deem hir Aarbecht an hiren Asaz valoriséiert gëtt.

2 Klassespriecher pro Cycle erhalen e klenge **Kaddo** um Enn vum Joer, wa si duerch hiert Wierken aus der Mass erausgestach hunn.

Wann der Froen hutt, esou mellt iech beim Sandra Fratini (sandra.fratini@education.lu) oder beim Manuela Vaccher (manuela.vaccher@education.lu).



De Projet d'établissement JOSY HELPS! huet sech zum Zil gesat, an deenen nächste Joren etlech Sensibiliséierungscampagnë starten ze wëllen. An deem Kader huet e Freideg, de 27. Oktober den Théâtre Grand-Ducal d'Stéck **"VERRÜCKTES BLUT"** bei ons am Festsall opgefouert.

Dëst ass eng Koproduktioun tëscht dem Théâtre Grand-Ducal an dem TRIFOLION zu Iechternach an et baséiert op dem Film "LA JOURNEE DE LA JUPE" vum J-P Lilienfeld. An d'Zeen gesat gouf d'Stéck vum Jean-Paul Raths.

D'Schüler an d'Schülerinne vum Cycle moyen a supérieur hate soumadder d'Méiglechkeet, sech dëst Stéck, wat e Plädoyer fir e friddlecht Zesummeliewen an e klore Message géint Gewalt ass, unzekucken. Dono ass och nach Zäit bliwwe fir en Austausch mat den Acteuren.

Am Kader vum „JOSY HELPS!“ huet sech de **Workshop Marrakesch** an der Zesummenaarbecht mam Schülercomité a mat vereenzelte Proffen, em d’humanitär Hëllef bei eis virun der Hausdier gekëmmert. Sie hunn um "Dîner de nouvel an" iwwer 3.500€ gesammelt, déi integral un den "Fond de solidarité LJBM" ginn, fir mat dësem Geld d’Matschüler an d’Matschülerinnen am LJBM, deenen et finanziell net sou gutt geet, ënnert d'Äerm ze gräifen.

Wat an nächster Zäit usteet…

Folgend Datumer kënnt der iech elo schonn notéieren:

- Méindeg, den 27. November 2017: Reunioun vun den Délégués à la solidarité (Bréif kent no)
- Dënschdeg, de 27. Mäerz 2018: Journée de la solidarité

Wéi och d'lescht Joer wëlle mir eng "Journée de la solidarité" organiséieren, wou verschidden Organisatiounen aus den ënnerschiddlechste Beräicher hir Aarbecht déi si um Terrain leeschten, virstelle kommen.

Dëst Joer fir d’éischt, organiséiert d‘“**Team India**” ee Schüler- a Proffenaustausch mat der "Padma Seshadri Bala BhavanSecondary High School" zu Chennai an Indien. Am Gepäck hu si vum 06.01.17 bis de 16.01.17 d’Ideeë vun deene 4 „JOSY HELPS! – Sailen”. Gemeinsam schaffe si mat de Kollegen aus Chennai un dëse Punkten, debattéieren, stellen a Fro, konkretiséieren, hale fest a bréngen d’Resultater mat zréck op Lëtzebuerg fir dës op hirer "Soirée Indienne" virstellen ze kënnen.

Wann är Klass oder e klenge Grupp vun iech wëlles huet, e Projet op d'Been ze stellen, dee sech an engem vun de 4 Piliere vum JOSY HELPS! anuerdne léisst, sou zéckt net a mellt iech. Mir kënnen iech dann op Ufro ënner anerem mat enger klenger Finanzsprëtz ënnert d'Äerm gräifen.

Wann der Froen hutt, sou zéckt net a mellt iech bei ons ënnert der Email-Adress: pe@ljbm.lu

Äert JOSY HELPS! Team: Sandra Fratini, Esther Herr, Roland Herrmann, Gilles Klein, Manuela Vaccher, Jessica Wilmes.